N°1301
Entrée le 13.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1301 vun der honorabeler Deputéiert Francine Closener**

**Ad 1)**

Aktuell sinn eng 425 Schüler beim Centre pour le développement socio-émotionnel (CDSE) gemellt. Den Duerchschnëttsalter vun dëse Schüler läit knapp iwwer 11 Joer an ëm déi 17,2 % si Meedercher.

**Ad 2)**

Wann een déi nei Demandë fir d'Mise en place vun enger Ënnerstëtzung fir e Schüler kuckt, déi den CDSE an deene leschte fënnef Joer krut huet, erschléisse sech follgend Zuelen:

| | | *Geschlecht* | | *Altersgrupp* | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| *Schouljoer* | *Total nei Demanden* | *Jongen* | *Meedercher* | *Alter 4-9* | *Alter 10-13* | *Alter 14-20* |
| 2019/2020 | 104 | 91 | 13 | 52 | 41 | 11 |
| 2020/2021 | 122 | 97 | 25 | 45 | 58 | 19 |
| 2021/2022 | 123 | 102 | 21 | 56 | 48 | 19 |
| 2022/2023 | 135 | 118 | 17 | 56 | 56 | 23 |
| 2023/2024 | 136 | 113 | 23 | 57 | 57 | 22 |

**Ad 3)**

| *Zuel vun de Schüler, déi déi lescht fënnef Joer an engem CST encadréiert goufen (Opdeelung no Altersgrupp a Geschlecht)* | | |
|---|---|---|
| **Alter bei Opnam am CST a Joren** | **Jongen** | **Meedercher** |
| 4-9 | 52 | 6 |
| 10-13 | 50 | 2 |
| | **102** | **8** |

**Ad 4)**

D'Rolleverdeelung an d'Zesummenaarbecht vun deene verschiddenen Acteure sinn an engem Accord cadre festgehalen.

De CDSE huet de Lead wärend der Admissiounsprozedur vum Schüler an ass och responsabel fir d'Beschoulung vum Schüler, déi duerch Enseignantë vum CDSE assuréiert gëtt, esou wéi fir d'Preparatioun vun der Reintegratioun/Reorientatioun vum Schüler no sengem Openthalt am CST.

Déi edukativ Prise en charge wärend dem Openthalt am CST gëtt duerch eng multidisziplinär Equipe (Psychologen, Psychotherapeuten, Psychomotoriker, Erzéier, asw.) vun engem Prestataire aus der Aide à l'enfance et à la famille (AEF) assuréiert.

D'Koordinatioun gëtt vum CDSE gemaach an et fanne reegelméisseg Echangen tëschent deene verschiddenen Acteure statt.

**Ad 5)**

Schüler, déi en CST verloossen, ginn individuell, hire Besoinen ugepasst, begleet. Hei kann et zu enger Reintegratioun a seng ursprénglech Schoul oder awer an eng nei Schoul kommen. Jee no Besoin vum Schüler kënnen, zousätzlech zum Appui pédagogique duerch d'Enseignanten, eng Ënnerstëtzung duerch en I-EBS, eng ESEB, oder a Form vun enger ambulanter Prise en charge an der Klass duerch den CDSE oder en anere Kompetenzzenter en place gesat ginn.

Wann d'Mesure CST clôturéiert ass, kann et awer och zu enger Reorientatioun vum Schüler an eng senge Besoinen ugepasste Schoulform, z. B. an enger Klass vun engem Komptenzzenter, kommen. An Eenzelfäll kann de Suivi och aus enger ganzheetlecher Prise en charge am Ausland bestoen.

Des Weidere kënnen de Schüler a säin Ëmfeld, wärend oder no der Betreiung am CST, verschidden Hëllefe vum ONE notzen.

**Ad 6)**

An dëse Situatioune gëtt an der Reegel vum CDSE e Rendez-vous bei engem Kannerpsychiater recommandéiert. Doriwwer eraus erweidert de CDSE den Diagnostik mat Hëllef vu pädagogeschen a psychologeschen Instrumenter.

**Ad 7)**

Et gi reegelméisseg Plattformen tëschent Vertrieder vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) an de Prestatairen, déi um Terrain intervenéieren, organiséiert, fir iwwer méiglech Upassunge vum Dispositif CST ze diskutéieren.

**Ad 8)**

Hei ass et esou, datt een op Outilen zeréckgräift wéi den digitale Schülerdossier. Anhand vun dësem Outil gi reegelméisseg Donnéeë gezunn déi hëllefen, den Dispositif de prise en charge fir Schüler mat spezifesche Besoinen evaluéieren ze kënnen.

**Ad 9)**

Et ass eng Prioritéit vum MENJE, fir an deenen nächste Joren den Dispositif CST weider auszebauen. Zwee zousätzlech CST wäerten am Laf vum Schouljoer 2024/2025 dobäikommen. D'Zil ass et weiderhin, een CST pro Joer opzemaachen.

Lëtzebuerg, den 13. November 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH